adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Ab Ufank Mäerz 2020 gëtt d'Organisatioun vum ADAPTO-Transport iwwert d'Mobilitéitszentral gereegelt. An deem Kontext notzt d'Mobilitéitszentral e Computerprogramm, deen déi jeeweileg Faarte verdeelt. Mir ass zougedroe ginn, datt eng Lëtzebuerger Busentreprise finanziell un der Entreprise, déi de Programm geschriwwen huet, bedeelegt ass.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Gouf et vu Säite vum Ministère eng offiziell Ausschreiwung fir d'Entwécklung vun dësem Programm?
2. Wa jo, wie krut den Zouschlag fir d'Programmatioun? Ënnert wéi enge Critèrë gouf d'Entscheedung fir den Zouschlag fir déi jeeweileg Firma getraff?
3. Kann den Här Minister déi uewe genannten Informatioun confirméieren, datt eng Lëtzebuerger Busentreprise finanziell mat bedeelegt ass um Gewënn vun der Programmatiounsfirma?
4. Wa jo, ass dës Situatioun an den Ae vum Här Minister net deontologesch problematesch a wéi ka séchergestallt ginn, datt kee finanziellen Interessekonflikt bei der Verdeelung vun de Faarten opkënnt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**